



“Bei de Wiichtel”

Crèche Keispelt

13, rue de Meispelt
L- 8293 Keispelt

Responsabel: **Mme Michèle Tibor**
Kontakt: sea.creche@kehlen.lu
<https://sea.kehlen.lu/infrastructures-sea/creche>



Am Kader vun der Initiative:



ECKDATEN ZU DER CRÈCHE:

D' Crèche läit zu Keespelt:

- matzen um Land a ganz no bei engem Bësch
- ass d' ganz Joer op, vu Méindes bis Freides, jeeeweils vu 07:00 bis 19:00 Auer
- betreien +- 45 Kanner am Alter vun 2 Méint bis 3 Joer
- d' Kanner sinn an 3 Altersgruppen opgedeelt



ECKDATEN ZUM PROJET

Zäitraum vum Projet: **26. Abrëll bis den 30. Juli 2021**

Kanner déi um Projet deelgeholl hunn: **20 Kanner am Alter vun 2 - 3 Joer**

ErzéierInnen déi mat agebonnen waren: **16 ErzéierInnen**

Elteren déi sech um Projet bedeelegt hunn: **27 Mammen a Pappen**

Mutzen déi gebitzt goufen: **30 Mutzen**

Bicher déi gedréckt goufen: **200 Bicher**

Budget deen benotzt gouf: **1.451,73 €**



Service national
de la jeunesse



D' OBJEKTIVER VUM PROJET

„Das konkrete Tun und das forschende Lernen stehen im Vordergrund der non-formalen Bildung und weniger das Lernen von theoretischem Wissen“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.26

DE PROJET

De Projet «**Bei de Wiichtel**» baséiert op der Geschicht vum “Wini a Wanda”. Dës Geschicht gouf extra fir dëse Projet vum Karin Frisch geschriwwen. D’ Geschicht entfëiert d’ Kanner an d’ Welt vun zwee kleng Wüchtele, déi an hirem kleng Wüchtelduerf am Keespelter Bësch wunnen.

Iwwert des fantasievoll Aart a Weis léieren d’ Kanner de Bësch a seng Bewunner lues a lues besser kennen. D’ Kanner an hir Erzéierinne verbréngen sou vill Zäit dobaussen am Bësch an erliewen zesumme wéi sech d’ Natur bei all Wieder an zu all Joreszäit verännert. Mateneen an duerch déi verschiddensten Aktivitéite kréien d’ Kanner ëmmer méi e Gespür fir d’ Natur an d’ Naturphenomener.

D’ pedagogesch Equipe aus der Crèche huet am Virfeld eng Rei Formatiounen zum Thema Natur- an Ëmwelt- Pedagogik gemaach, déi sech op deene verschiddenste Plazen an dësem Projet erëmspigelten.

D’ Haaptzil vum Projet war et, den Interessi vun de Kanner fir d’ Natur ze erwächen an ze fërderen. Och wann d’ Beweegung net ëmmer bewosst am Mëttelpunkt stoung, huet si trotzdem eng immens wichteg Roll gespillt. Bei all Wieder, op waarm oder kal, op naass oder dréchen, huet et geheescht eraus virun Dier. Jiddereen, op grouss oder kleng, gouf encouragéiert fir mat raus an de Bësch ze goen. Andeems d’ Kanner an déi magesch Welt vun de Wiichtel am Bësch agefouert goufen, konnten si ganz niewebäi déi verschidde Joreszäiten a Facettë vun der Natur kenne léieren an entdecken. Duerch déi vill Zäit, déi si am Bësch verbréngen, kënnen si hautno erliewen, wéi de Bëschwee sech jee no Joreszäit a Wieder entweder an e mätschegen, rëtschege Wee verwandelt, oder awer haart an dreschen ass. Si kënnen feststellen, datt een nom Reen ganz vill Schleeken a Wierm um Buedem fënnt an ee bei guddem Wieder vill méi Villercher héiert päifen.



OFLAF VUM PROJET

„(...) feste Zeiten für wiederkehrende Routinen und vertraute Rituale (...) vermitteln Orientierung und Sicherheit und fördern die Entwicklung des Zeitgefühls.“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.42

De Projet ass insgesamt iwwer 13 Woche gelaf. All Woch stoung eng aner Säit aus dem Buch “Wini a Wanda” am Vierdergrond, wéi z.B. d’ Blummewiichtel, Déierewiichtel, Naturfaarwen, Recycling a vill anerer.

(Cf. Projet “Bei de Wiichtel” <https://www.enfancejeunesse.lu/de/archives/news/dobaussen-aktiv>)

All Dönschden an Donneschden Moien hunn d’ Kanner zesumme mat hiren Erzieherinnen hir Wiichtelmutzen aus dem Kuerf gezunn an des mat grousser Freed opgesat. Dëst war fir d’ Kanner ëmmer d’ Zeechen datt et lass geet. Nodeems d’ Geschicht vun der Woch erzielt gi war, huet de ganze Grupp sech zesummen op de Wee an de Bësch gemaach. Op de Spuere vun de Wiichtel, hunn si ënnerwee ëmmer nees eng kleng Pause gemaach, fir no de Wiichtel ze sichen, Déieren, déi aus oder iwwert dem Buedem gekroch sinn, ze beobachten oder awer och eng vun deene verschiddensten Aktivitéiten, déi si aus der Crèche matbruecht hunn, ze maachen.

Mëttwochs nomëttes gouf ëmmer mam Material, wat d’ Kanner aus dem Bësch gesammelt haten, gebastelt. Dës Saache konnten si dann owes houfreg mat heem huelen an hiren Eltere weisen. Fir hir grouss Ausstellung am Bësch am Juli hunn si sech nach eng Kéier extra gutt dru ginn an si hunn aus recycléiertem Material ganz vill Konstruktiounen a Konschtwierker geschaf, déi während puer Deeg hire Familien an dem ganzen Duerf presentéiert gi sinn.

SCHLËSSELMOMENTER VUM PROJET

Fir d’ Kanner:

Den Ausflug an den SNJ Zenter zu Huelmes war definitiv den Highlight vum Projet fir d’ Kanner. Si konnten immense vill do entdecken, ausprobéieren, experimentéieren, Déiere fänken am Waasser a villes méi. Och d’ Olympiad huet bei de Kanner fir Begeescherung gesuergt. Nieft der flotter sportlecher Kompetitioun, louch dat bestëmmt och un de Medailen an den Diplomer, déi de Kanner um Enn iwwerrecht gi sinn. D’ Olympiad war ausserdem den offiziellen Ofschluss vum Projet.

„Die Vernetzung mit den Eltern und weiteren Bildungspartnerinnen und -partnern, wie Lehrkräften, Beratungsstellen oder Vertreterinnen und Vertretern lokaler Institutionen, ist Ausdruck geteilter Verantwortung für eine ganzheitliche Bildung der Kinder“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.26

Fir d’ pedagogesch Equipe an d’ Elteren:

D’ Ausstellung vun hire gebastelte Wierker am Keespelter Bësch war ee vun den Highlighte fir si, well si domat hire Projet mat den Elteren a mam ganzen Duerf deele konnten. Schouklasse, d’ Amiperas a vill aner Leit sinn des Expo an de Bësch besiche komm an si krute ganz vill positive Feedback.

D’ Summerfest mat den Eltere war e weideren Héichpunkt. Hei konnten d’ Kanner hiren Elteren de Projet an alles wat si zesumme geschafft hunn presentéieren.



CHANCEN AN ERAUSFUERDERUNGEN

Fir déi pedagogesch Equipe vun der Crèche war et déi éischte Kéier, datt si sou e Projet realiséiert hunn. Déi éischt 3 Wochen hunn si gebraucht fir sech an dësem Projet erëm ze fannen, d.h. wien iwwerhëlt wéi eng Roll, wéi e Material muss preparéiert ginn, wéi kann d' Geschicht an den Alldag vun de Kanner agebonnen ginn, ouni datt et ze formal gëtt. Am Laf vum Projet sinn déi verschidden Aufgaben ëmmer méi kloer fir jidderee ginn an d' Equipe huet sech mat vill Begeescherung abruucht.

„Pädagoginnen und Pädagogen betrachten Alltagssituationen als Bildungsanlässe und nutzen sie als Ausgangspunkt für die Kompetenzentwicklung von Kindern“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.18, 19

Am Kader vun sou engem gemeinsame Projet ze schaffen, huet sech awer och als Chance herausgestallt. D' Gruppendynamik an der Equipe ass gestärkt ginn, si hunn sech géigesäiteg ënnerstëtzt. Déi gutt Erfahrungen, déi hei gemaach gi sinn, hunn derzou gefouert, datt an Zukunft weider sou 'Projet' en organiséiert ginn. Doduerch datt d' Crèche direkt beim Bësch läit, sinn si ëmmer scho vill mat de Kanner raus an d' Natur gaangen. Duerch dëse Projet an seng gréisser Visibilitéit no baussen, huet dës Aarbecht eng ganz nei Wäertschätzung kritt.

D' Kanner ware begeeschtert a mat vill Enthusiasmus a Kreativitéit an de Geschichte ronderëm d' Wiichtel dobäi. Si hunn hiren Eltere ganz vill vun hiren Erleefnesser erzielt a sou munches wat si duerch d' Geschicht vum "Wini a Wanda" geléiert hunn, wenden si lo och wéi selbstverständlech doheem un. D' Elteren hunn d' Fotodokumentatioun vum Projet um www.enfancejeunesse.lu mat vill Interêt suivéiert an d' Equipe krut ganz vill positive Feedback vun hinnen. D' Zesummenaarbecht mat den Eltere war iwwert de ganze Projet immense héich.

An zu gudder Lescht huet de Projet och dozou gefouert, datt si en Dossier fir eng offiziell Autorisatioun vun enger Hütt (engem Ënnerdaach) am Bësch agereecht hunn.

KONKLUSIOUN

D' Geschicht vum "Wini a Wanda" ass e flotten Ophänkert fir op eng spilleresch Aart a Weis Themen vun Natur- an Ëmweltschutz mat de Kanner unzegoen. De Projet war vun de Responsabele schonn am Virfeld gutt virbereet an duerchduecht. De Fait datt si selwer staark un dëser Thematik intresséiert sinn an och schonn eng sëllege Formatiounen doriwwer gemaach hunn, huet sech gutt an hirem Projet erëmgespigelgt.

Ritualer, wéi d' Mutz undoen, all Kéiers eng Säit vun der Geschicht virzeliesen iert et an de Bësch geet, huet et de Kanner einfach gemaach, sech ëmmer rëm op en Neits an d' Aventurë vun de klengen Wiichtel ze stierzen an dës och mat vill Freed a Fantasie ze erliewen.

Fir weider Projet' en géife mir der Equipe roden de Programm an d' Unzuel vun Aktivitéiten ze reduzéieren, fir manner duerch den Zäitfaktor gehetzt ze sinn a méi Plaz fir spontan Aktiounen ze loossen an och den Iddien an Wënsch vun de Kanner nach méi Raum ze ginn.

Fir zukünfteg Projet'en kann een och d' Elteren nach méi als zousätzlech Ressource abannen, z.B. beim Bitze vun de Mutzen oder beim Virliese vun der Geschicht.

Dëse Projet kënne mir och aner Crëchen recommandéieren, e bitt eng flott Ouverture fir iwwert dës Fantasiegeschicht vum "Wini a Wanda" mat de Kanner "dobaussen aktiv" ze sinn.



Jonah : „**Wat méchs du do?**“
Moritz : „**Ech fëschen hei.**“
Jonah : „**Ech iessen net gär Fësch!**“
Moritz : „**Dat ass net schlëmm, du kanns jo Thüringer fëschen.**“